

Mardi,  
13 mars 2007

ziale Standarden, déi an de Mëttelpunkt vun der Politik de Moment gehéieren. Nëmme wa mer dat fäerdeg bréngen, wäerte mer och erëm méi Interesse kréie fir dee grouesse communautäre Projet.

Falls et elo also zu enger Neiverhandlung sollt kommen, da si fir déi Gréng véier Haaptschweierpunkten onverzichtbar:

1. d'Rechtsverbindlechkeet vun der Grond-rechtecharta;

2. d'Rettung respektiv den Ausbau vun den institutionelle Fortschrëtter, an ech ernimmen heibäi speziell d'Stärkung vum Europaparlament, de verstärkten Iwwergang zum Vote à majorité qualifiée an déi nei duebel Majoritéit am Conseil, an de Posté vum europäeschen Ausseminister;

3. ass et fir déi Gréng och kloer, datt den Euratom-Vertrag net däerf an d'Verfassung iwwerholl ginn. Duerfir fuerdere mer d'Ofschafe vun dësem Traité. Wa Klimaschutz an Nohaltegkeet ab elo eng éierlech Prioritéit solle ginn, dann ass keng Plaz méi fir dëst atomaart Relikt. 50 Joer eesäiteg, ondemokratesch a virun allem och nach vergeblich Promotioun vun der Atomenergie sinn eiser Meenung no méi wéi genuch;

4. mir brauchen dréngend sozial Mindeststandard, fir datt déi ganz EU méi séier eng sozial Kohesioun kritt. An d'Schafung, eiser Meenung no, vun engem europäesche Mindestloun kéint hei e wichtegt éischt Zeeche setzen.

Hei läit an eisen Aen elo déi grouss Aufgab vun der Politik fir déi kommend Méint a Joren. Engersäits selwer an esou séier wéi méiglech de Wee an d'Zukunft vun der EU ze fannen an dëse Wee esou ze gestalten, dass en den Interessen, de Wënsch an de Bedürfnisser och vun den normale Leit entsprécht, déi an dësem Europa liewen. Wa mer dat fäerdeg bréngen, da kann een der europäescher „success story“, déi mat de Réimesche Verträge ageleet gouf, eng nei Dynamik am 21. Jorhonnert ginn a se weiderféieren. Déi Gréng hoffe ganz staark, datt dat eis geléngt, a si wäerten dozou hire Bäitrag leeschten.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, datt mer haut an der Chamber eng Deklaratioun vum Premier mat enger kuerzer Debatt iwwert de 50. Joresdag vun der Ënnerzeechnung vun de Réimesche Verträge maachen, ass duerchaus ubruecht. Dës Verträge stinn um Ufank vun deem Europa, wat mer haut kennen. Dës Verträge waren déi eenzeg richteg Äntwert op all dat Schrecklecht, wat de leschte Weltkrich u Verbriechechen un der Mënschheet ugericht huet.

Europa huet eis elo schonns iwwer 60 Joer Fridde bruecht, huet déi eenzel Staten zum Mateneen an net méi zum Géintenee gefouert. An deene 50 Joer ass d'Landkaart an Europa frësch gezechent ginn an huet e friddlecht Zesummeliwe wäit iwwert d'Grenze vun 1957 eraus erméiglecht. Eleng weinst dëser Friddensmissioun gëtt et keng Alternativ zu Europa. Doriwwer eraus huet Europa d'Bannegrenzen ofgeschaaft, de Bierger a Wueren eng fräi Zirkulatioun erméiglecht, den Euro agefouert an ass weltwäit zur gréisster Wirtschaftsmuecht ginn.

An dach ass d'Skepsis vis-à-vis vun deem Europa haut esou grouss wéi nach ni. Firwat, kann ee sech d'Fro stellen. Et gëtt sécherlech vill Ursaachen. Deenen enge geet d'Erweiderung ze séier an ze wäit, déi aner hunn Angscht virum sozialen Ofbau oder Chômage. Anerer fäerten, hir kulturell an national Identitéit géif an engem europäeschen Zentralstat, dee vun enger iwwermächteger europäescher Verwaltung dominiert gëtt, verluer goen. All dës a vill aner Suerge féiere beim Bierger zu dëser berechtelter Skepsis.

Firwat - mussen mer eis elo d'Fro stellen - ass dës Skepsis entstanen? Fir eis als ADR gëtt et eng wesentlech Äntwert op dës Fro: Europa ass ouni seng Bierger gebaut ginn; jo, Europa ass hannert zouenen Diere gebaut ginn; Europa huet seng Bierger vun der Diskussioun ausgeschloss. D'europäesch Spëtze politiker an Eurokrate sinn als Super-, als Iwwermënschen duergestallt ginn, déi alles besser wëssen a kënnen. Europäesch Sommeté sinn opgebauscht a mediatiséiert ginn, wéi wann do hannert zouenen Diere Gott weess wat erfennt an decidéiert géif ginn.

Wien awer mengt, déi Netbedeelegung vum Vollek, vun den nationale Parlamenter, déi

Ontransparenz, dat oft onlegitiméiert Virgoe wieren Zoufall oder Onwësse gewiescht, deenen iert sech ganz staark. Dat war Absicht, voll Absicht. Et war d'Basis, et war de feste Bestanddeel vun där Strategie, vun där Lobby, déi Europa esou gebaut hunn, d'Leit, d'Vollek esou mann wéi méiglech mat an d'Diskussiounen an an d'Entscheidung mat anzebauen. Sech selwer als Iwwermënsch duerstellen, d'Saach esou komplizéiert ze maache wéi nëmme méiglech, fir datt esou mann Leit wéi nëmme méiglech sech interesséiere fir dat, wat do an hirem Numm decidéiert gëtt.

Am beschten huet dës Strategie eise Premier, den Här Juncker, an engem Interview 1999 am „Spiegel“ resuméiert, ech zitieren: „Wir beschließen etwas, stellen das dann in den Raum und warten einige Zeit ab was passiert. Wenn es dann kein großes Geschrei gibt und keine Aufstände, weil die meisten gar nicht begreifen, was dort beschlossen wurde, dann machen wir weiter, Schritt für Schritt, bis es kein Zurück mehr gibt.“ Besser hätt een de Fonctionnement vun der Europa-politik net kënne resuméieren.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här Gibéryen, dat war awer eng Kritik, déi ech formuléiert hunn, an et gëtt ëmmer presentéiert wéi wann ech gesot hätt, dat wär gutt esou. Duerfir sinn ech Iech dankbar, dass Der mir emol eng Kéier d'Geleeënheet gitt hei am Haus ze soen, dass ech dat kritiséiert hunn an net gesot hunn, esou misst et virugoen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech si frou, Här President, feststellen, datt den Här Juncker och hei falsch verstane ginn ass deemools.

A genau dat Europa wëllen d'Bierger an och mir als ADR net! Mir hätte virun allem gären en transparent, en demokratescht Europa, wou d'Bierger objektiv informéiert ginn, e wierklecht Matsproocherecht a Matentscheidungsrecht kréien, an datt bei wesentleche Froen nëmme méi iwwert de Wee vun engem Referendum entscheet gi kann.

Mir triede fir en Europa an, wat sech virun enger weiderer Erweiderung kloer Grenze gëtt a wou eng Türkei ni ka Vollmember ginn. Mir triede fir e soziaalt an ekologescht Europa an. Mir triede fir en Europa an, dat fiskalen Dumping zugonschte vun de multinationale Konzernern verhënnert. Mir triede fir en Europa vu Staten an, wat déi national a kulturell Identitéit a Verfassunge respektéiert a garantéiert. Mir triede fir en Europa vum Bierger an.

Här President, fir dat ze erreeche muss Europa staark ëmdenken. Hei geet et net duer fir e puer Auserwielter mediatiséiert zu Hurra-Europäer ëmzeswitchen oder e puer Botterfahrten an d'Europaparlament ze organiséieren. Iert d'Bierger sech erëm mat Iwwerzeegung fir Europa begeeschtere loossen, müssen déi, déi un der Spëtzt sinn, fir d'éischt de Beweis erbréngen, datt se och wierklech de Message verstanen hunn an d'Bereitschaft zum Ëmdenken erbruecht hunn, an dat novollzéibar an nohalteg.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Här Gibéryen, entschëllegt, Dir trëtt fir vill Saachen an, dat ass och richtig a gutt esou, mä ech triede fir d'Reglement an. Är Zäit ass elo ofgelaf. Ech hunn Iech eng Minutt gelooss.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, ech sinn och um leschte Saz, a wann den Här Statsminister mech net ënnerbrach hätt,...

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...da wär ech a menge fënnel Minutte bliwwen. Dobäi wëll ech soen,...

» **M. le Président.** - Ech mengen zwar net.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...datt den Här Fayot eng Minutt méi laang geschwat huet, den Här Goerens annerhallef Minutt an den Här Bausch 38 Sekonnen, ouni vun Iech dorobber opmierksam gemaach ze ginn.

Ech wëll dann awer mäi leschte Saz soen, Här President.

(Interruption)

Den Nee vu Frankräich an Holland zum Verfassungsvertrag war duerfir e wäertvollen Nee fir Europa, wann den Neen zu engem fundamentalen Ëmdenke féiert.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Ech wëll Iech soen, datt déi eenzel Fraktiounen proportionell zu der Stäerkt an hirer Riedezäit, déi se haten, eng esou vill konnt iwwerzéie wéi déi aner; Dir esou vill wéi déi aner.

(Interruption)

Den Här Jaerling huet d'Wuert elo.

(Interruption)

Neen, ech mengen zwar net. Ech mengen zwar net.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, nodeem dass eng Rei vu menge Virriedner d'Geschicht vun Europa seriö duergestallt hunn an en aneren erëm op seng traditionell Polemik zrëckgefall ass, wëll ech dann och hei mäi bescheidene Bäitrag vu mengen Iwwerleeungen zu Europa bréngen.

Wann ech mech soll mat Europa kënnen identifizéieren, da kann ech dat nëmmen, wann dat Europa sech zweegleiseg entwéckelt, an dat parallel: Engersäits eng noutwendeg ekonomesch Entwécklung an anerersäits eng staark sozial Entwécklung, déi et erméiglecht, dem Bierger e Stéck vun där ekonomescher Entwécklung matzeginn.

Leider lafen déi zwee Gleiser net parallel, mä déi ekonomesch Entwécklung ass wäit no riets ofgedrift. Duerfir muss dofir gesuert ginn, dass déi zwee Gleiser beienee kommen, fir kënne parallel weiderzelaufen. Awer net iwwert de Wee, dass elo dat soziaalt Gleis och no riets soll ofgedriwwen ginn, mä dat ekonomescht Gleis muss sech schnell op dat soziaalt zoubewegen.

Fir dass dat Europa, wat ech mer virstellen, prioritär am Interesse vum Mënsch ka wierken, muss de Mënsch an de Mëttelpunkt vun alle Politike gesat ginn. D'Ekonomie muss do sinn, fir dem Mënsch ze déngen an net ëmgedréint. D'Liewensqualitéit vum Mënsch muss eisen éischten Objektiv sinn.

50 Joer laang sinn elo eng Rei vu gudde Pisten opgezechent ginn, Konflikter vermidde ginn, a Mënsche si sech méi no bruecht ginn. Et heescht elo déi Initiativen ze konsolidéieren a weider auszebauen, fir dass eise Kanner en Europa iwwerlooss gëtt, wat all Mënsch e wierdegt Liewe garantéiert.

Et sinn Échecher ginn a mir müssen doraus léieren. Et ass un eis ze beweisen, dass mer doraus kënne léieren. Och wat déi europäesch Vertragswierker ubelaangt, mussen mer léieren, dass all Vertragswierk renégociabel muss sinn, an dass et e Feeler ass, stuer en enger Linn festzehalen an dass besonnenesch Transparenz an Dialog mam Bierger de Wee ass, deen ee muss aschloen, fir hinnen Europa verständlech ze maachen an hinne méi no ze bréngen.

Eis Jugend huet eis mat hirem Neen zum Traité constitutionnel kloer ze verstoe ginn, dass mir hinnen Europa net méi no bruecht hunn a si sech net mat deem Europa, wat mer hinne wollten erklären, kënnen identifizéieren.

Aus dësem Message mussen mer léieren europawäit, fir dass net Riets- oder Lénks-extremisten déi Bausteng vun Europa, déi nach net gefestegt sinn, zerstéieren.

D'Politik huet d'Flicht, dem EU-Bierger seng Liewensqualitéit ze garantéieren, andeem se all ekonomesche Schrëtt begleet mat adequate soziale Mesuren. Den ekonomesche Fortschritt huet net nëmmen Acquisé bruecht, mä huet ekologesch vill Schued ugericht, ier d'Politik gemierkt huet, dass se falsch Weeër gaangen ass. Aus deene Feeler muss och geléiert ginn, well mer elo schonn d'Konsequenzen ze spiere kréien an och nach méi haart wäerten ze spiere kréien, wa mer net ëmdenken.

Solidaritéit ass gefrot, awer net nëmme vun de Bierger, esou wéi dat d'Politik meeschtens duerstellt, mä och Solidaritéit vun deenen, déi nëmmen drop aus sinn, d'Friichte vum Fortschritt an hir Täsche ze détournéieren. Och d'Kapital muss säi Bäitrag bäidroen, fir dass mer an de Mënsch kënnen investéieren.

„De Mënsch an de Mëttelpunkt“, ass mäi Message fir déi nächst 50 Joer Europa. Soss riskéiere mer enges Dags en Europa ouni Mënsche virzufannen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Do mat si mer um Enn vun dëser Debatt ukomm. Den honorabelen Här François Bausch huet elo d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.



## 6. Dépôt d'une proposition de loi

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech froen d'Wuert fir eng Proposition de loi ze déposéieren am Numm vum Marco Schank, Alex Bodry, Claude Meisch, Robert Mehlen a mir selwer. Déi Proposition de loi geet ëm de Financement vun de politesche Parteien.

- *Proposition de loi N°5700 portant réglementation du financement des partis politiques.*

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Déi Proposition de loi geet an d'Conférence des Présidents, fir op hir Recevabilitéit iwwerpréift ze ginn. Den Här Félix Braz huet d'Wuert gefrot.



## 7. Dépôt d'une motion par M. Félix Braz

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Här President, et ass fir den Dépôt vun enger Motion. Déi Gréng wëlle mat dëser Motion drop opmierksam maachen - an et ass och vläicht e bëssen eng Bréck par rapport zu der Debatt vu virdrun -, dass mer fir d'Europawahlen am Joer 2009 eng Clôture vun de Wielerlëschte schonn d'nächst Joer am Abrëll 2008 wäerten hunn an dass mer wëllen d'Regierung opfuerderen, eng Campagne d'information ze initiéieren, fir erëm eng Kéier bei den Uniounsbierger, déi zu Lëtzebuerg liewen, déi Iddi vun der Inscriptioun virunzebréngen an ze propagéieren. Mir hunn an deem Sënn eng Motion préparéiert, déi mer elo wëllen déposéieren.

### Motion

*La Chambre des Députés,*

- *considérant qu'une minorité des personnes non luxembourgeoises pouvant aller voter au Luxembourg se sont inscrites sur les listes électorales;*

- *constatant que les bilans des inscriptions sur les listes électorales indiquent un taux moyen d'inscriptions de 5,1% d'électeurs étrangers pour les élections européennes de 2004 et de 9,7% pour les élections communales de 2005;*

- *soulignant qu'il faut déployer des moyens supplémentaires pour améliorer le taux de participation de résidents non luxembourgeois aux élections européennes et communales afin de favoriser leur intégration politique;*

- *rappelant que les listes électorales sont arrêtées un an et demi avant les élections, ce qui fixe la date d'introduction des nouvelles demandes d'inscription au 1<sup>er</sup> avril 2008 pour pouvoir participer aux élections européennes de 2009;*

*invite le Gouvernement*

- *à organiser dans les meilleurs délais une campagne d'information et de sensibilisation pour inciter davantage de personnes non luxembourgeoises à s'inscrire sur les listes électorales en vue des élections européennes de 2009 et des élections communales de 2011;*

- *à élaborer et mener cette campagne en étroite concertation et coopération avec tous les acteurs concernés (communes, monde associatif, organisations culturelles et sociales, associations d'étrangers...).*

(s.) Félix Braz, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox, Viviane Loschetter.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Mir kucken, wéini dass mer déi op den Ordre du jour huelen.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour haut. Dat ass d'Question avec débat vum honorabelen Här Roger Negri sur le renouvellement du Traité Benelux qui vient à échéance en 2010.